

DROIT D'AUTEUR

# Och zu Lëtzebuerg gouf eng Demo géint d'EU-Reform organiséiert

RTL | Update: 24.03.2019 08:34



Iwwer 100 Leit hu manifestéiert a fäerten ëm d'Meenungsfreiheet an d'Existenz vum Internet. Am Zentrum vun der Kritik steet virun allem den Artikel 13.

A ganz Europa gi Manifestatioune géint déi geplangten EU-Reform vum Droit d'Auteur de Weekend organiséiert.

E Samschdeg hu sech déi verschidde Memberen aus der Politik a vum Online-Liewen zu Lëtzebuerg versammelt, dat als Protest géint de sougenannten "Artikel 13". D'Artikelen 11 an 13 bréngen eng Zensur, dat sot de Sam Grüneisen vun der Associatioun "Chaos Computer Club" de Samschdeg de Mëtten op der Manif géint d'Copyright-Direktiv vun der EU. Ronn 100 Leit hunn op der Place de l'Europe manifestéiert, och Jugendparteien hate mobiliséiert.


D'Artikelen stellen d'Verlinke vu Presseartikelen a Fro, dernieft kéinten Uploadfilteren d'Meenungsfreiheet am Netz a Gefor bréngen.

Online-Plattformen mussen scho beim Eropluede vu Contenu sécherstellen, dat keng protegéiert Wierker am Netz landen. Als Konsequenz gi strikt Filtere gefaart.



AUDIO: De Sam Grüneisen vun der Associatioun Chaos Computer Club

D'Associatioune, déi d'Auteurs vertrieden hu sech och ze Wuert gemellt. Si hoffen, datt mat där neier Direktiv méi fair Remuneratioune kommen an datt manner Wierker piratéiert ginn. Et gétt en Opruff gemaach, fir fir d'Direktiv ze stëmmen.



Zum Schluss vum Mount muss déi europäesch Reform vum Droit d'Auteur vum EU-Parlament ofgestëmmt ginn. Een Accord gouf tëscht Kommissioun, Parlament a Conseil fonnt an awer sinn nach ganz vill Leit géint des Decisioun virun allem géint [den Artikel 13](#).

Grouss Plattformen si responsabel fir de Contenu, déi se publizéieren a mussen Lizenz bezuelen oder automatesch Filteren installéieren.

Fir d'Organisateuren vun der Demo wier deemno den Internet "a Gefor". Op der [Facebook Säit](#) vum Event schwätze se vun engem "massive Widerstand vun der Populatioun, awer och am europäesche Parlament".

"Meenungsfreiheet, Konscht a Press kéinten duerch des nei Moosnamen a Gefor sinn", esou Acteuren vum Liewen um Netz, nodeems en Donneschdeg zum Beispill Wikipedia Däitschland gestreikt huet.

A ganz Europa ginn esou Protestaktiounen organiséiert, zum Beispill zu Berlin sinn dausende Leit op d'Strooss gaangen.



- Links
- [AUDIO: De Sam Grüneisen vun der Associatioun Chaos Computer Club](#)

WEIDER NEWS

Powered by POST Luxembourg

**Facebook géit zou**  
Tëscht 200-600 Milliounen Passwieder goufen onverschiesselt gespächert

Powered by POST Luxembourg

**Positioun um Marché mëssbraucht**  
Google muss 1,49 Milliarden Euro Strof bezuelen

Powered by POST Luxembourg

**50 Mio Lieder fort**  
MySpace huet d'Date vun de leschten 12 Joer vertuer

Powered by POST Luxembourg

**Erweltproblem**  
Ass d'Digitalisierung am Gaangen, de Klima ze belaachten?

Powered by POST Luxembourg

**Mëssbrauch vun dominanter Stellung**  
De Sträit tëscht Spotify an Apple geet weider

Powered by POST Luxembourg

**24 Stonnen**  
Telegram profitéiert massiv vun der Facebook-Pann

Powered by POST Luxembourg

**Q**  
Net männlech an net weiblech, wéi kléngt déi nei kënschtlech Intelligenz?

Powered by POST Luxembourg

**Tim Berners-Lee**  
Dem Papp vum WWW no geet et dem Web am Moment net gutt

Back to Top

**RTL** Schreift Iech an eis Newsletteren an:

E-Mail-Adress

**IP.DIGITAL**

Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

**News**

National  
Meng-Gemeng  
International  
Europa  
Si hu gespent  
Foto vum Dag  
Den Invité vun der Redaktioun  
Bommeleer

**Meenung**

Carte Blanche  
Commentaire  
A propos  
Lieserbréiwer  
Medien

**Mobilitéit**

News  
Trafic  
Pétrolspräisser  
Auto-Tester  
Autospräisser  
Lux-Airport  
Radar-Kontrollen  
Guidage Parking

**Lifestyle**

News  
Kichen  
Gesondheet  
Reesen  
Tech-World  
Horoskop

**Kultur**

News  
Kino  
Musek  
Bicher  
Sprooch

**Sport**

News  
Futtboll  
Basketball  
Handball  
Dëschtennis  
Volleyball  
Tennis  
Cyclissem  
Auto-Moto  
Weider Sportarten

**Gaming**

News  
Review  
11F Gaming

**Fotoen**

Aktualitéit  
Events a Fester  
Auto  
Télé  
Radio  
Sport  
RTL On Tour

**Meteo**

Fotoen

**Info**

Services de garde  
Loterie  
Déiererubrik  
Edikus  
Lifelong Learning  
Moovjob  
SMS Servicer

**Télé**

Live  
Replay  
Fotoen  
Informatiounen

**Radio**

Lauschteren  
Missiounen  
Musek  
Fotoen  
Team  
Informatiounen  
Serie: Kommunikatioun

Feedback | Conditions d'utilisation | Privacy | Netikett | Accidentsfotoen op RTL.lu | Comments op oder zou?

© 2019 RTL Luxembourg. All rights reserved.